« MERCI !
Votre don m'a sauvé la vie. »

VOUS AUSSI, FAITES UN DON

Fondation Luxembourg Air Rescue
BILLLULL: LU84 0020 1167 9560 0000
Tel (+352) 48 90 06

Fondation Luxembourg Air Rescue
Sous le haut patronage de S.A.R. le Grand-Duc
Reconnue d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 15 juin 1989

www.flar.lu

Léif LAR-Memberen,

D'Liewe bitt Dag fir Dag eng Unzuel u Chancen, fir Zeechen ze setzen an eppes Guddes ze maachen. Déi Chancë waarde just drop, datt een se ergräift. An zwar vu Mënschen, déi sech fir aner interesséieren an engagéieren. Dir kënnt en Zeeche setzen, andeems Dir déi humanitär Aarbecht vun der Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. (LAR) ënnerstëtzt.

Am Noutfall ass d'LAR mat medezinescher Hëllef op der Plaz. Drot och Dir dozou bäi, datt eis lëtzebuergesch Loftrettungsorganisatioun weiderhin duerch hir ronn 3.000 Asätz d'Joer Liewe rette kann. Am Fall vun de Fäll och Äert.

Mat engem Don erreecht Dir méi wéi Dir Iech virstelle kënnt. Egal ob e groussen oder klenge Betrag, Dir hëlleft Mënschen an enger Noutsituatioun ze retten, a weist Iech domat solidaresch mat der Loftrettung zu Lëtzebuerg.

D'Fondation Luxembourg Air Rescue (FLAR) besuergt mat Hëllef vun Ären Done funktionellt Material, fir d'Rettungshelikopteren an d'Ambulanzfligere vun der Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. besser auszerëschten.

Dës Broschür enthält Informatiounen iwwert d'FLAR, déi déi humanitär Aktivitéite vun der Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. ënnerstëtzt.

Merci fir Äert Vertrauen an Är Ënnerstëtzung.

Cher membre LAR,

La vie nous offre chaque jour la chance d'effectuer un acte philanthropique. Les opportunités n'attendent qu'à être saisies par les personnes qui s'intéressent à ceux qui les entourent et qui s'engagent en faveur des autres. Vous aussi vous pouvez saisir cette chance en soutenant le travail humanitaire de Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. (LAR).

En tant qu'organisation luxembourgeoise de sauvetage aérien, LAR intervient rapidement en cas d'urgence, transportant une aide médicale à son bord. Par votre générosité, vous permettez à LAR de sauver des vies à travers les 3 000 interventions qu'elle effectue chaque année. Un jour, vous-même pourriez peut-être avoir besoin de cette aide.

Grâce à votre contribution, vous faites bien plus qu'un don. Peu importe le montant, celui-ci permettra d'aider des personnes en détresse et témoignera de votre solidarité envers le sauvetage aérien au Luxembourg.

Avec vos dons, la Fondation Luxembourg Air Rescue (FLAR) acquiert du matériel d'équipement pour les hélicoptères et les avions sanitaires de Luxembourg Air Rescue a.s.b.l.

Cette brochure contient des informations sur la FLAR qui soutient les activités humanitaires de Luxembourg Air Rescue a.s.b.l.

Merci pour votre confiance et votre soutien.

MAACHT OCH DIR EEN DON FIR / VOUS AUSSI, FAITES UN DON À

FLAR - BILLLULL: LU84 0020 1167 9560 0000 - **Tel (+352) 48 90 06**

Ären Don rett Liewen

D'Fondation Luxembourg Air Rescue (FLAR) investéiert déi gesammelt Spendebeiträg geziilt, fir déi liewensrettend Missioune vun der Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. (LAR) ze ënnerstëtzen.

Wéi liewenswichteg déi Aarbecht vun der LAR ass, weist sech dagdeeglech während hiren Asätz zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun. Besteet Liewensgefor, ass de Rettungshelikopter dat séierst Transportmëttel, fir de SAMU Dokter op d'Onglécksplaz ze bréngen.

Ausserdem ginn et Noutfäll, bei deenen d'Liewe vun enger séierer Operatioun ofhängt, sief dat an enger Klinick zu Lëtzebuerg oder an enger spezialiséierter Klinick am Ausland.

Doriwwer eraus mécht d'LAR weltwäit Réckféierunge vu Patienten, déi Intensivhëllef brauchen, a vun hiren eegene Memberen, déi sech am Ausland an enger medezinescher Noutsituatioun befannen.

Op déi Retter aus der Loft vun der LAR ass ëmmer Verlooss. An awer ginn d'Käschte vun der Loftrettung zu Lëtzebuerg net vollstänneg gedeckt. Eréischt ÄR Ënnerstëtzung erméiglecht et eis, och an Zukunft déi héich Qualitéit vun der Loftrettung ze sécheren.

C'est simple pour VOUS – c'est nécessaire pour NOUS – c'est vital pour NOS PATIENTS.

Fir IECH ass et einfach – fir EIS ass et noutwendeg – fir EIS PATIENTEN ass et liewenswichteg.

Vos dons sauvent des vies

La Fondation Luxembourg Air Rescue (FLAR) investit les dons collectés de façon ciblée, afin de soutenir les missions de sauvetage de Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. (LAR).

L'importance du travail de LAR se montre quotidiennement lors de ses interventions au Luxembourg et dans la Grande Région. Lorsque des vies sont en danger, l'hélicoptère de sauvetage de LAR est le moyen de transport le plus rapide pour amener le médecin du SAMU sur le lieu de l'intervention.

Parfois, dans des cas d'urgences vitales, une opération rapide dans un hôpital au Luxembourg ou dans un hôpital spécialisé à l'étranger est indispensable.

LAR effectue également le rapatriement de patients nécessitant des soins intensifs, ainsi que de ses propres membres qui se trouvent dans une situation d'urgence médicale à l'étranger.

Vous pouvez toujours compter sur les sauveteurs de LAR qui arrivent par les airs. Pourtant, les coûts liés au sauvetage aérien au Luxembourg ne sont pas complètement couverts. Seul VOTRE soutien nous permet de garantir les hauts standards de qualité du sauvetage aérien sur le long terme.

MAACHT OCH DIR EEN DON FIR / VOUS AUSSI, FAITES UN DON À

FLAR - BILLLULL: LU84 0020 1167 9560 0000 - **Tel (+352) 48 90 06**

Wéi kann ech spenden?

Dir entscheet wéi, wéini a wéi vill Dir wëllt spenden. Är Done si vun de Steieren ofsetzbar. Vermierkt w.e.g. beim Bezuelen de Vir – a Familljennumm, d'Adress esouwéi de Spendenulass, fir datt mir Är Spend richteg zouuerdne kënnen.

▸ Spontanen Don
Dir kënnt eis Aarbecht mat engem Betrag ënnerstëtzen, deen Dir selwer festleet. Ob kleng oder grouss – ob regelméisseg oder eemoleg – d'Fondation Luxembourg Air Rescue ass fir all Don dankbar.

▸ Speziellt Evenement
Et gëtt ëmmer ee Grond am Liewen, fir ze feieren – Gebuertsdeeg, Hochzäiten, etc. Vill Leit denke bei esou engem freedegen Ulass un eis Organisatioun a wëllen amplaz vu Kaddoen eis Aarbecht mat engem Don wierkungsvoll ënnerstëtzen.

▸ Spendenaktioun
Fir vill Entreprisen ass "Social Responsibility" e wichtege Bestanddeel vun hirer Firmekultur. Ob fir e Mataarbechterfest, eng Benefizveranstaltung oder aner Feierlechkeeten – mat engem Don ënnersträicht Dir Är Verbonnenheet mat eiser liewensrettender Missioun.

▸ Trauer
Den Doud vun engem Mënsch, deen engem no steet, ass ëmmer e schwéiere Verloscht. Trotz déiwer Trauer an oft am Sënn vum Verstuerwenen, biede vill Familljememberen hir Trauergäscht een Don ze maachen, fir enger humanitärer Institutioun wéi eiser Stëftung, der FLAR ze hëllefen.

▸ Testament
Vill Mënschen hëllefen zu hire Liefzäiten duerch Spenden an éierenamtlecher Aarbecht a géingen dëst Engagement och gär iwwert dat eegent Liewen eraus weiderféieren. Mat engem handgeschriwwenen oder notariellen Testament, kënnt Dir d'Fondation Luxembourg Air Rescue ënnerstetzen.

Comment puis-je faire un don ?

Vous décidez comment, quand et combien vous souhaitez donner, sachant que votre don est fiscalement déductible. Lors du virement, mentionnez s.v.p. le prénom et le nom de famille, l'adresse et la raison de votre don afin que nous puissions correctement l'attribuer.

▸ Don spontané
Vous pouvez soutenir notre travail grâce à un don spontané. Peu importe le montant, petit ou grand, régulier ou occasionnel, la Fondation Luxembourg Air Rescue est reconnaissante de chaque aide reçue.

▸ Evènement spécial
Il y a toujours une bonne raison de fêter quelque chose dans la vie : un anniversaire, un mariage, etc. Ces fêtes sont pour de nombreuses personnes l'occasion de penser à nous en souhaitant soutenir notre organisation grâce à une action de dons, à la place de cadeaux.

▸ Actions de dons
Pour de nombreuses sociétés, la « Social Responsibility » fait partie de la culture d'entreprise. Que ce soit à l'occasion d'une fête d'entreprise, d'une manifestation de bienfaisance ou de tout autre évènement, vous pouvez montrer votre attachement à notre mission grâce à votre don.

▸ Deuil
Le décès d'une personne proche représente toujours une perte terrible. De nombreuses familles souhaitent honorer la mémoire de leur cher défunt en remplaçant les fleurs et les couronnes par des dons à des associations philanthropiques comme notre fondation, la FLAR.

▸ Testament
Tout au long de leur vie, de nombreuses personnes se sont engagées dans le bénévolat et les œuvres philanthropiques. Ces dernières souhaitent souvent prolonger leur engagement au-delà leur trépas. Grâce à un testament manuscrit ou notarié, vous pouvez léguer une part de vos biens à la Fondation Luxembourg Air Rescue.

MAACHT OCH DIR EEN DON FIR / VOUS AUSSI, FAITES UN DON À

FLAR - BILLLULL: LU84 0020 1167 9560 0000 - **Tel (+352) 48 90 06**

All Minutt zielt...

Temoignage vun engem LAR Member

De klenge Yannick, deemools bal zwee Joer al, ass aus onglécklechen Ëmstänn an d'Schwämm gefall. Wéi d'Educateuren hien aus dem Waasser gezunn haten, war et scho bal ze spéit.

Méi wéi jee war d'Zäit gezielt. „Alles ass ouni Hinderniss ofgelaf. Dank eisem Helikopter konnte mir d'medezinesch Ekipp direkt op d'Plaz vum Accident bréngen a mir konnten direkt mat der Reanimatioun ufänken, well mir dat néidegt Material u Bord haten, fir dem Yannick ze hëllefen," erzielt den Intensivkrankefleeger vun der LAR. D'Ekipp vun der LAR huet et fäerdeg bruecht, d'Liewe vum klenge Jong ze retten.

Seng Famill ass der LAR immens dankbar: „Ouni d'LAR wier de Yannick gestuerwen! Mir sinn esou frou, datt mir weiderhin eng glécklech Famill kënne sinn," sot dem Yannick seng Mamm, d'Eugénie E.

Chaque minute compte...

Témoignage d'un membre LAR

Le petit Yannick, âgé de 20 mois à l'époque, est tombé dans une piscine suite à des circonstances malheureuses. Lorsque les éducateurs ont pu le sortir de l'eau, il était déjà presque trop tard.

Plus que jamais, le temps était compté. « Tout s'est déroulé sans encombre. Grâce à notre hélicoptère, nous avons tout de suite emmené l'équipe médicale sur les lieux de l'accident et avons immédiatement commencé la réanimation car nous disposions du matériel nécessaire à bord pour aider Yannick », relate l'infirmier en soins intensifs chez LAR. L'équipe LAR a réussi à sauver la vie du petit garçon.

Sa famille est très reconnaissante envers LAR : « Sans LAR, Yannick serait décédé ! Nous sommes tellement contents de pouvoir continuer à être une famille heureuse », confie Eugénie E., la mère de Yannick.

Heifir brauche mir Är Ënnerstëtzung

Voici ce pourquoi nous avons besoin de votre soutien

Mat Ärer Spend finanzéiert d'Fondation Luxembourg Air Rescue Uschafunge vu funktionellem Material fir d'Rettungshelikopteren an d'Ambulanzjets.

Grâce à vos dons, la Fondation Luxembourg Air Rescue finance l'acquisition de matériel d'équipement des hélicoptères et les avions sanitaires.

Thorax Kompressiounsapparat
Appareil de compression thoracique
15.000€

Intensivbeootmungsapparat
Ventilateur mécanique de soins intensifs
21.000€

Videolaryngoskop
Vidéo-laryngoscope
15.000€

Ultraschall
Échographe
9.000€



BILLLULL: LU84 0020 1167 9560 0000
BGLLLULL: LU85 0030 4410 9272 1000
CCPLLULL: LU28 1111 2134 2323 0000
BCEELULL: LU64 0019 3300 0930 9000

MAACHT OCH DIR EEN DON FIR / VOUS AUSSI, FAITES UN DON À

FONDATION LUXEMBOURG AIR RESCUE - Tel (+352) 48 90 06